# Jeunesse sacrifiée

## 1940-1945




## Walferdange

# D'Geschicht vum Walfer „Monument aux Morts“ 1945 - 1949

*- vum Nicolas Feider -*

D'Geschicht vum Monument fir déi Walfer Krichsaffer as zugläich och d'Geschicht vun enger schéiner Solidaritéit. Enger Solidaritéit, déi an de battere Jore vun deem mäerdereschen Zwete Weltkrich a vun enger nët manner schrecklecher Okkupatioun vun deem souveräne Lëtzebuerg duerch de brutalen Naziregime an Däitschland hir Prouf bestanen an och d'Nokrichsjoren nach iwwerlieft huet.

Wéi an alle gréisseren – an och klengeren – Uertschafte vum Land, sou as nom Krich och zu Walfer d'Iddi opkomm, fir d'Affer vum Krich duerch e Monument ze éieren. Ganz am Ufank war et vläicht nach nëmmen d'Iddi vun engem klenge Grupp vu Leit, déi duerch de Krich besonnesch haart getraff gi waren. Mä dës Iddi huet ganz séier wäit ëm sech gegraff an et as zur Grënnung vun enger Entente vun de Walfer Veräiner komm; an déi Entente hat als hiirt éischt an och praktesch als hiirt eenzegt Zil, de Walfer Krichsaffer e Monument opzeriichten, dat heescht, e Projet vun esou engem Monument auszeschaffen an dofir och déi néideg Geldmëttelen opzedreiwen.

Et war den 19. September 1945, wou dës „Entente Walfer“ gegrënnt gin as. An deem fréiere Veräinssall iwwer dem Lokalveräin, an der Rue de l'Eglise, hate sech dofir 11 Veräiner zesummefond; jidferee vun dëse Veräiner huet een oder méi Leit an den Organisatiounskomitee delegéiert. Et waren:

- d'Fanfare Grand-Ducale Marie-Adélaïde
- d'Sapeurs-Pompiers Orania
- d'Société Chorale Caecilia
- de Football-Club Résidence
- d'Ligue „Ons Jongen“

– de Fräie Lëtzebuerger Aarbechterverband (FLA)
– de Coin de Terre et le Foyer
– de Lokalveräin
– d'Unioun
– d'Hiboux Rouges (FNEL)
– de Lëtzebuerger Aarbechterverband (LAV)

D'Kompositioun vum Komitee war déi heiten:

| | |
|---|---|
| – Éierepresident: | Pierre Hennes |
| – President: | Paul Greisch |
| – Vizepresident: | Charles Goebel |
| – Sekretär: | Nicolas Kayser |
| – Caissier: | Emile Schmit |

Iwwer de weidere Verlaf vun dëser éischter Sëtzung heescht et ganz kuurz am Rapport vum Sekretär: „All éischte Mëttwoch am Mount eng Versammlung. Éischt Zilsetzung: d'Opriichte vun engem „Monument aux Morts" fir ons Gefalen."

Déi nei Organisatioun hat awer nach keng Statuten, an et huet bis zur Sëtzung vum 8. August 1946 gedauert, bis de Sekretär e Projet fir d'Statute virgeluegt huet. Den 29. August 1946 goufen dës Statuten approuvéiert, a jidfer Veräin aus der Entente krut dovun eng Kopie.

D'Zesummesetzung vun der Entente huet am Laf vun de Joren allerdéngs nach e bësschen changéiert. Den 12. Juni 1946 gouf d'Resistenzlerorganisatioun „Lëtzebuerger Volleks-Liga, LVL" als Mêmber opgeholl. Vum 11. September 1947 un huet och den Dëschtennisclub „Olympic Walfer" der Entente ugehéiert. Den FLA an d'Hiboux Rouges vun der FNEL hu sech am Juni 1947 aus der Entente zréckgezun. Duerno sin nach aner Veräiner verluergaangen, an am Oktober 1949, wéi d'Monument ageweit gouf, huet d'Entente nach 8 Veräiner gruppéiert:


– d'Fanfare Grand-Ducale Marie-Adélaïde
– d'Société Chorale Caecilia
– d'Sapeurs-Pompiers Orania
– de Football-Club Résidence
– de Coin de Terre et le Foyer
– den Dëschtennisclub Olympic
– de Lëtzebuerger Aarbechterverband LAV
– d'Unioun.

Iwwregens as déi nei Entente nët ganz vun interne Problemer verschount bliwwen, wéi et aus de Sëtzungsrapporen ervirgeet. An der



Festbroschür fir d'Aweiung vum Monument schwätzt den Emile Schmit vu Kannerkrankheten, déi ze iwwerwanne waren an och iwwerwonne konnte gin.

D'Entente hat als Haaptobjektiv also d'Opriichte vun engem Monument fir déi Walfer Krichsaffer. De 7. November 1945 scho gouf hir en éischte Projet virgeluegt, dee vum François Schmit ausgeschafft gi war. Deemno sollt dat Monument „an d'Mëtt vun der Parkmauer, virum




*Den éischten Entworf fir e Monument fir déi Walfer Krichsaffer*

décke Käschtebam" stoë kommen. Vun dësem éischten Entworf bis zum definitive Projet an zur Aweiung vum Monument war et awer nach e ganz wäide Wee.

Wann et och nët un den Iddië gefeelt huet, dann awer dach u Geld, fir dës Iddiën ze realiséieren; an d'Beschafe vun de Geldmëttele sollt dann och während längerer Zäit eng vun den Haaptsuerge vun der Entente bleiwen. Ma grad hei huet d'Solidaritéit vun de Walfer Veräiner op eng ganz efficace Manéier gespillt.

An der zweter Sëtzung (3. Oktober 1945) vun der neier Entente gouf décidéiert, bei der Gemeng d'Erlaabnis an d'Protektorat unzefroen, fir um Gebitt vun der Gemeng eng Hauskollekt ofzehalen zugonschte vum Monument fir déi Walfer Krichsaffer. Fir dee selwechten Zweck goufen eng Rei vu Manifestatiounen ugekënnegt:

– zwee Footballsmatcher vum F.C. Résidence (Kiirmesméindeg);
– Theatervirstellunge vun der Ligue „Ons Jongen" (18. November), vun der Société Chorale Caecilia (25. November a Fuesend), vun der Fanfare Grand-Ducale Marie-Adélaïde (25. Dezember).

Den Ufank gouf also vum F.C. Résidence gemaach, an duerch séng Initiativ, mat engem Nettoerléis vun 3 125 Frang, koum och dat éischte Geld an d'Keess vun der Entente.

D'Motivatioun bei de Walfer Veräiner war ganz grouss, a grad esou grouss war dofir och hir Aktivitéit am Laf vun de Jore bis zur Realisatioun vun hirem Projet. Fir beim Joer 1946 ze bleiwen, do goufen zum Beispill déi heite Manifestatiounen ofgehalen, all Kéiers, natiirlech, fir Geld eranzebrénge fir dat geplangte Monument:

- Theater vum F.C. Résidence (17. a 27. Februar)
- Theater vun der Ligue „Ons Jongen“ (17. Mäerz)
- Theater vun der Société Chorale Caecilia (Fuessonndeg a Fuesméindeg)
- Familjenowend mat Filmvirféierung vun der Fanfare Grand-Ducale Marie-Adélaïde (31. Mäerz)
- Danzowend vun den „Hiboux Rouges“ vun der FNEL (éischte Sonndeg am Abrëll)
- Kermesse flamande vun der Ligue „Ons Jongen“ (28. Juli)
- Fräiliichttheater vun der Fanfare Grand-Ducale Marie-Adélaïde (7. Juli) an esou weider.

Nieft dëse Manifestatiounen, déi ganz sécher eng grouss Beräicherung vum gesellschaftleche Liewe vun der Gemeng waren, huet d'Entente och nach aner Fester a Feierlechketen organiséiert, mat der Bedelegung vun de Veräiner, wéi zum Beispill:

- d'Buergbrennen
- de Kinniksgebuertsdag oder Nationalfeierdag (23. Januar)
- d'Éierung vun engem neie Schäffen
- de Meekranz mat Cortège a Verkaf vu klenge Fändelcher „Vive den 1. Mee“ zugonschte vum Monument aux Morts.

Am Joer 1946 huet d'Entente och bei enger „Journée de Deuil national“ matgemaach, a beim feierleche Begriefnis vun dem Walfer Resistenzler Roger Barthel, deen den 10. August 1944 am Alter vun 31 Joer zu Köln exekutéiert gi war. Zu dëser Trauerfeierlechkeet huet e Cortège gehéiert, dee vum Hemechtshaus vum Roger Barthel zu Bärel bis op de Walfer Kiirfecht geféiert huet, mat der Participatioun vun de weltlechen a geeschtlechen Autoritéiten a vun de Veräiner aus der Gemeng. D'Läich gouf gedroen a begleet vu Mêmbere vun der Unioun, an den Entente-President Paul Greisch huet um Kiirfecht eng Usprooch gehalen.



Wann och eng gutt Parti Gelder duerch déi sëlleche Manifestatioune vun de Veräiner konnten zesummegedroe gin, sou goung dat awer nach laang nët duer, fir de Projet vun engem Monument aux Morts finanziell ofzesécheren. Duerfir as zum Beispill och d'Gemeng mat Subsidië vun 20 000 Frang agesprongen. D'Entente huet zweemol (3./10. November 1946 an 1./5. September 1949) eng Hauskollekt ofgehalen. Vun där éischter Quête gi mer duerch e Sëtzungsrapport gewuer, datt si ronn 30 000 Frang abruecht huet. Iwwer dës éischt Quête as iwwregens vill diskutéiert gin an de Sëtzunge vun der Entente. Nodeem d'Gemeng fir d'éischt gesot hat, d'Kollekt misst ganz ouni Lëscht ofgewéckelt gin, wat vun der Entente als Mësstraue vis-à-vis vun hir ausgeluegt gin as, war si schliisslech mat esou enger Lëscht dach nach averstanen, mä mat der Restriktioun, et däerften an dëser Lëscht keng Nimm vun den Donateure genannt gin. Bei der zweter Kollekt, dräi Joer méi spéit, schéngt et dëser Problemer keng méi gin ze hun.

Méiglecherweis hat och d'Glécksgöttin Fortuna eppes vun de Geldsuerge vun der Walfer Entente matkritt: Am November 1946, bei der Zéiung vun der Nationallotterie, sin der Entente nämlech 10 000 Frang ganz einfach esou an de Schouss gefall. Sou hun no an no d'Geldmëttelen zougeholl, an de Projet vun engem Monument fir déi Walfer Krichsaffer konnt seriös ugepaakt gin.

An der Sëtzung vum 7. Januar 1946 scho war décidéiert gin, duerch en öffentlechen Avis an der Gemeng Appell zu maachen un déi Walfer Leit, déi sech beruff an amstand géife fillen, e konkrete Projet fir dëst Monument auszeschaffen. Nodeem vum 7. November 1945 u jo schon e Projet vum François Schmit virloug, koum elo och nach ee vum Marcel Junck derbäi. Si hun allebéid als Emplacement d'Plaz virun der Kiirch virgesinn, wou d'Monument an engem Hallefkrees un d'Parkmauer ugebaut oder an dës Parkmauer integréiert sollt gin. Sie waren awer och allebéid e bëssche grouss geroden. Et sin nët nëmme Bedenken opkomm, si kënnten de Verkéier op dëser Plaz staark behënneren, et gouf och nach gefaart, sie géife vill ze deier gin am Vergläich zu dene Geldmëttelen, déi ee sech verstännegerweis erwaarde kënnt. Dun as den Här Marcel Junck chargéiert gin, aus dene béide Projeëen déi brauchbaarst Elementer erauszezéien an en neien Entworf auszeschaffen.

Wéi dësen neie Projet da virloug an der staatlecher „Commission des Sites et Monuments“ ënnerbreet gouf, du sin déi verkéierstechnesch Nodeeler vum geplangten Emplacement nach vill méi däitlech zum Ausdrock komm. De Problem vun de Parkplaze bei der Kiirch as

opgeworf gin, an et gouf sech och gefrot, wat da mat der Kiirmes sollt geschéien, wann déi nët méi op däer gewinnter Plaz kënnt ofgehale gin. Domat war dann och dëse Projet definitiv begruewen.


Et huet duerno bis zum Hierscht 1947 gedauert, bis d'Fro vum Emplacement gekläert konnt gin. Et gouf dun nämlech proposéiert, d'Monument virum Haus vun de Schoulschwësteren (Haus Dufaing) opzeriichten, an d'Gemeng, déi souwisou wëlles hat, déi héich Mauer ronderëm de Gaart vun dësem Haus ofzerappen, huet zu dëser Propositioun hire Sege gin. Deen neien Emplacement, mat engem ganz aneren Hannergrond wéi fir déi éischt Projetën, huet et awer mat sech bruecht, datt dës Projeën op dëser Plaz nët méi gebraucht konnte gin.

Ee Joer méi spéit, den 28. September 1948, huet den Här Marcel Junck erëm en neien Entworf virgeluegt, mat engem Devis vun 180.000 Frang, deen ouni vill Zäit ze verléiere gläich un d'Gemeng geschéckt gouf; an déi huet hirersäits de Staatsarchitekt Hubert Schumacher ëm säin Avis gefrot. De Staatsarchitekt huet deen neie Projet zum Deel ëmmodeléiert. An där vun him ëmgeännerter Versioun as och dem Element Waasser eng wichteg Roll zoukomm.

Domat loug dann endlech en definitive Projet um Dësch, an deen as dann natiirlech och eestëmmeg ugeholl gin. Mat der Ausféierung vun der Skulptur fir d'Monument gouf den Artist Jungblut vu Réimech chargéiert. A fir den 3. Abrëll 1949 goufen d'Entrepreneuren aus der Gemeng op d'Märei bestallt, fir vun hinnen eng Soumissioun ze froe fir all déi aner Aarbechten. Den 10. Abrëll scho goufen dës Aarbechten un d'Entreprise Koenig vun Heeschdrëf vergin. Dës Entreprise war iwwregens déi eenzeg, déi eng Soumissioun agereecht hat. D'Gäertnerei Urbing krut hirersäits den Opdrag fir d'Planze vu Beem a Gesträich. Den 11. Abrëll hun d'Gemengenaarbechter mat de Planéierungsaarbechten ugefaangen. D'Realisatioun vum Projet war also endlech definitiv lancéiert.

Et blouf awer nach e Problem: d'Opstelle vun der Lëscht vun dene Krichsaffer, déi op dem Monument veréiwegt sollte gin. Eng éischt Lëscht vun 18 Leit loug fir d'Sëtzung vun der Entente vum 5. Mee 1949 vir. Sie gouf duerch zwee Nimm kompletéiert. Fir sécher ze sin, datt och wiirklech kee vergiess géif an datt och keng aner Onregelméissegkeet kënnt virkommen, gouf dës Lëscht an der Gemeng affichéiert. Sou konnt jidfer Biirger vu Walfer se gesinn an en hat d'Méiglechkeet, fir eventuell Bemiirkungen oder Objektioune virzebréngen.





*D'Monument a sénger definitiver Form*

Et goufe leschten Enns 20 Nimm zréckbehalen. Dës Nimm goufen an de Steen vum Monument agravéiert:

Roger Barthel
Marcel Clemens*
Pierre Conrardy
Emile Feltgen*
Fernand Funck*
Josy Goebel*
Robert Hansen*
Henri Hoffmann*
Willy Lamesch*
Michel Medernach*
Jean Mercatoris*
Marcel Nilles*
Bernard Nesen*
Charly Rausch*
Lucien Reichling*
Antoine Sassel
Poly Schumacher*
Josy Welter
René Wilhelmy*
Camille Wintersdorf*

---

* Zwangsrekrutéiert

Als Zwangsrekrutéiert gëllen och:

- de Jean Mercatoris, obschon hien déi feldgro Uniform vun de Preise ni gedroën huet; hien huet zu dene Joërgäng gehéiert, déi ënner dem Gauleiter séng „Wehrpflichtverordnung" gefall sin;
- de Charly Rausch; als Mêmber vun der Lëtzebuerger Fräiwëllegekompanie as hie gezwonge gin, déi preisech Uniform ze droën.

An der Sëtzung vum 25. August 1949 gouf d'Aweiung vum Monument op de Sonndeg, 9. Oktober 1949, festgeluegt. Et gouf e provisoreschen Organisatiounskomitee forméiert, an de Sekretär Nicolas Kayser an de Caissier Emile Schmit kruten d'Charge, eng Festbroschür fir dës Geleënheet ze redigéieren.

Vun deem Zäitpuunkt u sin esouwuel d'Aarbechten um Monument wéi och d'Virberedunge fir d'Aweiung op Héichtoure gelaf. D'Entente as elo fir d'éischt regelméisseg eemol all Woch zesummekomm, zum Schluss esouguer zweemol, fir hire Programm kënnen ze bewältegen.

Dem definitiven Organisatiounskomitee hun ugehéiert: François Wiseler (Éierepresident), Paul Greisch (President), Charles Goebel (Vize-President), Nicolas Kayser (Sekretär), Emile Schmit (Caissier), Albert Feidt, Pierre Heiderscheid, Michel Jost, Joseph Lamesch, Nicolas Linster, Nicolas Mataigne, Jean Mouton, Dominique Reilandt, Aloyse Sassel, Jean Schmit, Jules Urbing.

Dës Leit koumen aus denen aacht Veräiner, déi zu deem Zäitpunkt Mêmber vun der Entente waren. Bei der Aweiung vum Monument hun awer och nach matgewiirkt: de Kiirchegesankveräin Sainte-Cécile, d'Lëtzebuerger Guiden Saint-Georges an d'Lëtzebuerger Scouten Saint-Bernard.

Iwwer d'Aweiung selwer, den 9. Oktober 1949, fanne mer an den Archive vun der Entente dëse kuurze Rapport:

„– Mueres ëm 10.00 Auer feierlech Gedenkmass an der Porkiirch zu Walfer.
– Vum Gemengenhaus gin d'Gemengenautoritéiten zesumme mat sämtlechen Duerfveräiner am Cortège an d'Kiirch. D'Zaldote vun der Lëtzebuerger Arméi halen d'Éierewuecht bei der Bor.
– No der Mass Nidderleë vun enger Gerbe beim Gefalenekräiz um Kiirfecht, wou uschléissend je ee Komerod eng Gerbe bei déi 6 Jongen nidderleet, déi an der Hemecht begruewe sin. Trauerchoral vum Kiirchegesankveräin.
– Nomëttes ëm 15.30 Auer Aweiung vum Monument aux Morts. De Cortège, ugefouert duerch e Peloton Lëtzebuerger Militär, mat sämtleche Veräiner kënnt vum Garewee erop, fir sech op der Plaz beim Monument ronderëm opzestellen.
– Zwee Kioske waren opgeriicht, wou d'Elteren an d'Familje vun de Victimen déi eng Säit, an déi invitéiert Perséinlechketen déi aner Säit Plaz geholl hun. D'Trauerfeier gouf nach méi ergräifend duerch e Reen, dee bis zum Schluss gedauert huet.





*Bei den Aweiungsfeierlechketen vum 9. Oktober 1949*




– D'Fanfare mécht den Ufank mat dem Trauerchoral. Duerno verschidden Usprooche vun dem Här Paul Greisch, President, dem Här Minister Eugène Schaus, dem Här Buurgermeeschter Wiseler an dem Här Charles Goebel."

D'Plaz bei deem neie Monument krut geschwënn och e passenden Numm. Si heescht haut „Place des Martyrs".

An iwwer 40 Joer, wou d'Monument op dëser Plaz scho steet, si vill Walfer Biirger an och aner Leit do schons passéiert. Huele si haut iwwerhaapt nach richteg Notiz dervun, a si si sech och nach richteg bewosst, wat dëst Monument zum Ausdrock soll bréngen?

Wann d'Erënnerung un déi deemoleg batter Zäiten och no an no scho staark verblatzt as, sou bleiwen awer dach nach, mengen ech, d'Gefiller vu Respekt an Dankbarkeet fir all déi Leit, déi hir Léift zur Lëtzebuerger Hemecht an hiren Asaz fir d'Fräiheet vun dësem Land mat hirem Liewe bezuelt hun, grad esou wéi fir déi, déi hiirt jonkt Liewen hu musse loossen, well e verbriechereesche frieme Regime si mat brutaler Gewalt op séng Schluechtfelder gedriwwen huet. Datt ët dës Gefiller och haut nach ëmmer gët, dat beweisen déi vill Blummen, déi een d'ganzt Joer duerch beim Monument fir déi Walfer Krichsaffer fënt. Dat beweisen och déi offiziell Gedenkfeieren, wéi d'„Journée de Commémoration nationale", wou Autoritéiten a Veräiner aus der Gemeng beim Monument zesummekommen a sech virun eisen Doudegen aus dem Krich vernäipen.



*D'Monument fir déi Walfer Krichsaffer am Joër 1992*

Ech glewen drun, datt och déi Generatiounen, déi no eis kommen, eis Krichsaffer op déi selwecht Manéier éiere wäerten.

## Quellen:


- Sëtzungsrappore vun der „Entente Walfer" (1945-1949);
- „Eist Monument" vum Emile Schmit an der Festbroschür „Undenken un d'Walfer Krichsvictimen, 1940-1945" (1949).